

(Hilarité)

Dach!

M. Claude Wiseler, Président | Här Clement, Dir sidd hei ugeschwat.

M. Sven Clement (Piraten) | Här President, dat wär lo awer eng ganz nei Prozedur.

(Hilarité)

Also, mir bleiwe schonn dobäi: Wann hei eng grouss Majoritéit sech weist, fir se an der Kommissioun ze thematiséieren, dann hätte mer se och gären do thematiséiert.

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, ech fannen dat guer net, datt d'Interventioun vun der Madamm Adehm hei zu där grousser Hilaritéit sollt féieren, déi lo hei geschitt ass, well dat, wat elo proposéiert gëtt, ass eppes anescht, wéi dat, wat hei an der Motioun steet. Wann de Minister sech d'accord erkläert, fir an der Chamberskommissioun eng Kéier iwwert déi Problematik hei ze diskutéieren, dann heescht dat nach laang net, datt, wann een dat elo an d'Kommissioun hält, dass een domadder d'accord ass, dass een de Barème géif upassen. An dowéinst géif ech eigentlech den Här Clement froen, fir sech vläicht mat der Äntwert vun der Regierung zefridden ze ginn, déi hei vun alle Bänke gedeelt gëtt, fir de Punkt op den Ordre du jour ze huelen. Ech soen Iech och firwat: Well dës Motioun dem Reglement vun der Chamber no no dräi Méint muss erëmkommen. Wa mir se also tel quel an d'Kommissioun ginn, da muss se innerhalb vun dräi Méint erëmkommen. Ech gleewen awer net, dass mer innerhalb vun dräi Méint hei eng Solutioun op d'Fro hunn. Dat heescht, da kéint ee se eigentlech direkt ofleenen a soen: Mir diskutéieren awer an der Kommissioun driwwer. Mee déi Prozedur, fir eigentlech eng Opfuerderungen un d'Regierung an eng Debatt vun der Chamberskommissioun ëmzewandelen, ouni dass een eigentlech seng Finalitéit ännert, hunn ech ëmmer schonn eng schlecht Prozedur fonnt a fannen ech och nach ëmmer eng schlecht Prozedur.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wolter. Kommt, mir maache lo hei keng zwee Gespréicher. Ech hunn hei eng Motioun vun de Piraten leie mat enger Demande, fir se zrëckzezéien an um Ordre du jour an der Kommissioun eng Kéier de Punkt ze abordéieren. Den Här Clement ass net bereet, dës Motioun zrëckzezéien. Ech hunn eng aner Proposition hei leien, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Ech géif déi Proposition zum Vott stellen, ob se an d'Kommissioun soll iwwerwise ginn. Wann dat net de Fall ass, géife mer driwwer ofstëmmen.

Kënne mer dee Vott par main levée maachen?

Une voix | An d'Kommissioun?

M. Claude Wiseler, Président | De Vott ass, ob mer se an d'Kommissioun zrëck renvoyéieren. Kënne mer dee Vott par main levée maachen oder ass een, deen e Vote électronique wëllt?

(Brouhaha)

Haalt emol Är Fanger, Är Äerm erof. Meng Fro ass elo: Ass een, deen e Vote électronique freet?

Une voix | Nee.

M. Claude Wiseler, Président | Wann dat net de Fall ass, kënne mer se par main levée ofstëmmen.

Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission

Wien ass d'accord, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen?

(Hilarité et brouhaha)

M. François Bausch (déi gréng) | ... Dir hutt et dach selwer proposéiert!

M. Sven Clement (Piraten) | Här Baum!

Une voix | Wat ass hei lass?

M. Sven Clement (Piraten) | Awer wéinstens Dir ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou. Ech gesinn, datt d'Oppositioun bereet ass, se an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Dat ass ...

Wien ass dergéint, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen?

Dat schéngt mer d'Majoritéit hei ze sinn, sou datt se net an d'Kommissioun iwwerwise gëtt.

An deem Fall gëtt se hei ofgestëmmt. Mir procedéieren also elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 3 vun de Piraten.

M. François Bausch (déi gréng) | Déi nächste Kéier frot Dir fir d'éischt, éier Dir esou eppes sot, Här Baum!

Une voix | Gelift?

Vote sur la motion 3

M. Claude Wiseler, Président | De Vott fänt elo un.

(Brouhaha)

De Vott ass ofgeschloss.

(Brouhaha)

Dës Motioun ass ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 14 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schackmel.

Se sont abstenus : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding).

10. 8311 – Projet de loi portant approbation de l'Avenant modifiant la Convention du 23 avril 2012 entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérale d'Allemagne tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, fait à Berlin, le 6 juillet 2023

Voilà, domat komme mer dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, also dem Projet 8311,

engem Avenant tëschent Lëtzebuerg an Däitschland, dee souwuel d'Duebelbesteuerung wéi och d'Steierflucht an d'Steierhannerzüung soll verhënneren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, déi verschidde Fraktiounen a Sensibilitéit jeeweils fënnf Minutten an d'Regierung huet zéng Minutten. Et si schonn ageschriwwen: den Här Guy Arendt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Marc Spautz (CSV), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, Iech hei kënnen e mëndleche Rapport ze maachen iwwert de Projet de loi 8311. Virun e puer Joer hätte mer vill méi laang iwwert dat geschwat, wat an deemem Projet dran ass. Do geet et nämlech ëm d'Duebelbesteuerungsofkommes mat Däitschland, wou et ganz wichteg ass, dass mer do déi néideg Akzenter setzen. An ech hu mer erlaabt, Här President ...

(M. Marc Spautz montre un journal.)

De leschte Sonnde stoung an enger däitscher Zeitung ganz grouss am Kader vum Homeoffice, wéi wichteg et ass, dass deen Accord tëschent Lëtzebuerg an Däitschland, deen am Juni 2023 vun der Madamm Yuriko Backes an dem Här Christian Lindner ënnerschriwwen ginn ass ..., wéi wichteg deen ass als Akzent och am europäesche Volet.

Ech wëll drun erënneren: Mir schwätzen hei iwwert d'Upassung wéinst dem Teletravail, mee et ass net nëmmen den Teletravail, deen an deemem Kader geännert ginn ass. Et ass eng Ännerung vun der Konventioun vun 2012, déi zwëschen Lëtzebuerg an Däitschland gemaach ginn ass. Hei geet et och drëm, fir d'Mindeststandarde vun de BEPS an de Steuerreegele vun der OECD ..., dass dat alles mat opgehol gëtt. Hei geet et och drëm, alleguerten deene Saache Rechnung ze droen, déi säit 2012 komm sin. An ech muss och soen, mir haten och an der Kommissioun doriwwer rieds, och fir eis ass et wichteg, dass dat, wat am Kader vun de Plan-socialen a vun de Licenciementen ass, och an Zukunft aneschtens berücksichtegt gëtt am Kader vun deemem Steuerofkommes.

Et muss een och drun erënneren, wéi wichteg et och war am Teletravail – an dat hu mer grad während der Covidzäit gemierkt –, dass mer et do fäerdegbréngen, eenheetlech Reegelen ze hu mat eisen dräi Nopeschlänner. Mat deenen zwee anere Länner ware mer schonn op 34 Deeg, et war just Däitschland, déi nach op 19 Deeg waren. A mat deemem Gesetz wäerte mer och do op 34 kommen, woumadder et kloer ass, dass eis dräi Nopeschlänner déi selwescht Behandlung hu fir déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen.

Ech wëll dann elo och op déi eenzel Avisen agoen, déi dozou komm sinn.

Et ass en Avis komm vum Conseil d'État, deen näischt Extraes ze soen huet.

Et ass och nach en Avis komm vun der Chambre des Salariés, déi och nach eng Kéier drun erënnert, dass dat nach ëmmer wäit ewech ass vun deenen 49,9 %, déi an der europäescher Direktiv, wou den deemolege Sozialminister, den Här Haagen, mat dru geschafft huet, festgehale goufen, fir dass d'Sozialverséierungsbeitrэг op 49,9 % vun der Gesamtaarbechtszäit géife kommen. Wa mer do géifen eropgoen, da wiere mer iwwer 100 Deeg. Dat ass nach wäit ewech dovunner.

D'Chambre des Salariés seet, dass et awer fir si wichtig wier, dass mer et vläicht géife fäerdegbréngen, op 25 % vun der Aarbechtszäit ze kommen. 25 % vun der Aarbechtszäit, dat géif ausmaachen, dass mer awer iwwert déi 34 Deeg missten erausgoen. An dat ass jo an engem europäesche Reglement, an an den Diskussiounen ass virgesinn, dass mer och eng Kéier spéiderhin dozou géife kommen. D'Chambre de Commerce, déi huet extra dëse Punkt begréisst.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soulignéieren, dass och dee Problem, dee mer kannt hu während dem Teletravail, fir déi Leit aus der Fonction publique, déi an Däitschland gewunnt hunn, mat dësem duebele Besteuerungsofkommes gekläert ass an dass déi an Zukunft och kënne bis 34 Deeg bei där Besteuerung maachen.

Dat gesot, dréien ech mech dann eng Kéier, Här President, net als Rapporteur, mee als Spriecher vun der CSV. D'CSV gëtt selbstverständlech d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Ech soen Iech villmools Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Spautz villmools Merci fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

An den éischte Riedner, deen hei ageschriwwen ass, ass den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, ech ka mech ganz kuerz halen. De Rapport huet quasi alles gesot: de Seuil de tolérance vun 19 op 34 Deeg, d'Fonction publique ass mat dran, d'Work-Life-Balance vun de Leit huet hei och Prioritéit, si kënne op den Teletravail zrëckgräifen, méi Flexibilitéit, d'BEPS-Reegele si respektéiert ginn.

Ech sinn och frou, dass duerch dee Projet de loi hei an duerch d'Gesetz, wat dann hoffentlech votéiert gëtt, mer fir dee Projet vun der Madamm Backes, dee si ugeleiert huet, hei en Ofschluss fannen. An ech kann nëmmen den Accord vun der DP zu dësem Projet de loi ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Mir begrëssen dëse Projet och a mir wäerten en och matstëmmen aus zwee Grënn. Éischtens, well Däitschland den Haapthandelspartner ass vu Lëtzebuerg a well et wichtig ass, dass mer ëmmer eng Condi (nldr: Convention de non double imposition) hunn, déi à jour ass, déi aktuell ass. An dat maache mer mat där heite Conventioun iwwert d'Duebelbesteuerung. An zweetens, well och effektiv den Teletravail zu engem Kompetitivitéitsfacteur ginn ass.

Mir brauchen den Teletravail. Den Teletravail ass e Facteur d'attractivité vun eisem Land. An dofir ass et ze begrëssen, dass mer effektiv elo hei op 34 Deeg eropgaange sinn am Kader vun deem Duebelbesteuerungsofkommes. An dofir wäerte mer dat hei matstëmmen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Fayot Merci. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Jo, mir begrëssen och dëse Projet a wäerten e matstëmmen. Mir géifen eis och freeën, wann déi Unzuel vun den Deeg nach weider erweidert géif ginn an den nächste Joren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Och déi gréng ginn hiren Accord zu dësem Projet de loi. Et ass e wichtige Projet, well en och déi Inegalitéite fir Residenten aus Däitschland e bësse manner grouss mécht a se op dee selwechten Niveau setzt wéi déi aner Nopeschlänner, fir kënne méi vun doheem aus ze schaffen, eppes, wat extreem wichtig ass. Mir sinn ugewisen dorobber, dass mer Leit vun iwwerall hier aus der Groussregioun hei zu Lëtzebuerg schaffen hunn, an déi mussen dat och kënne vun doheem aus maachen. Duerfir ass dat wierklech e gudd Schrëtt an déi richteg Richtung.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Däitschland war bis elo d'Nopeschland mat deene mannsten Deeg, wou ee konnt vun doheem aus schaffen an dat wäert elo gläich en Enn hunn. Mir setzen d'Deeg also vun 19 op 34 Deeg erop an dat ass e gudden Ufank.

Mee ech soen et ganz kloer: Et ass u sech en Ufank. Et kann net de Schluss sinn! Et muss eis kloer sinn, datt dat net duergeet. Well och bei 34 Deeg bleift nach ëmmer e groussen Ënnerschied zwëschen dem Resident an dem Frontalier, an dat op där nämmlecher Aarbechtsplaz. Dat heescht, genau déi nämmleche Tätigkeet gëtt ënnerschiddlech behandelt, ob ech dann elo an Däitschland liewen oder ob ech zu Lëtzebuerg liewen. Dat kënnen e puer Meeter Ënnerschied maachen, jee nodeem, wou un der Grenz ech wunnen.

Fir eis Piraten gëtt Teletravail de Leit ganz kloer d'Flexibilitéit an d'Zäit, fir virun an no der Aarbecht, och emol dertëschen mat méi kuerzen Ënnerberäichungen, nach hir Work-Life-Balance wierklech an de Grëff ze kréien a wierklech an der Balance ze halen.

An zousätzlech huet den Teletravail e positiven Afloss op de Verkéier. Mir hu virdrun iwwert d'CO₂-Steier geschwat. Ma wien am Teletravail ass, dee muss manner CO₂-Steier bezuelen, well e manner mat sengem Auto muss fueren.

Gläichzäiteg kann een den Teletravail natierlech och notzen, andeem een net forcéiert op de Siège muss kommen. Mee dofir kéint een iwwer grenzüberschreidend Geschäftszonen, Büroszone schwätzen, mat engem kloer legalen a steierrechtleche Kader dee Moment.

Mir vergiessen awer och net déi Leit, déi net kënnen am Teletravail sinn. An do muss een, och wann d'Regierung anerer Meenung ass, nach eng Kéier iwwert d'Kilometerpauschal schwätzen. Zumindest en Deel, e groussen Deel vun der Regierungsfraktiounen huet jo awer an deene vergaangene fënnf Joer reegelméisseg fir eng méi héich Kilometerpauschal plädéiert.

Mir musse weider mat eisen Nopeschlänner verhandelen, fir datt d'Inegalitéiten tëschent Residenten a Frontalieren erofginn. Datt dat net einfach ass, jo, dat wësse mer. Datt dat eppes kaschte wäert, also net gratis wäert sinn, dat wësse mer och. Mee et ass awer wichtig fir de sozialen Zesammenhalt an de Betriber, datt jidderee ka vum Patron d'nämmleche behandelt ginn.

An, Här President, da wëll ech awer op eppes hiweisen, wat haut guer net ugeschwat gouf, wat awer ganz verstoppt e bëssen am Rapport drasteet. An dat ass de Problem vun den Astreinten. Well laut dem Accord mat Däitschland gëtt eng bezuelten Astreinte

als Aarbecht consideréiert an ass domadder Deel vun deene 34 Deeg, déi een dierf ausserhalb vu Lëtzebuerg schaffen. Den Accord mat der Belsch gesäit vir, datt déi Deeg, wou een eng Astreinte mécht, dann och ënnert déi 34 Deeg falen.

An och mat Frankräich ass de System net gutt, well de franséische Staat huet ... Also, Dir mierkt, souguer d'Press huet sech scho fir den Theema interesséiert. A wéi d'Lëtzeburger Press sech souwuel bei der lëtzebuergescher Steierverwaltung wéi bei der franséischer Direction des finances gemellt huet, konnt keen de Journalisten eng Äntwert drop ginn, wéi et dann a Frankräich de Fall ass. Ëmmerhi kommen do 52 % vun eise Frontalieren hier. Et wär also wichtig, datt mer zumindest kloer wësst, wat bei enger Astreinte de fiskaleschen Impact ass, well e Risiko ass, vu datt mir zu Lëtzebuerg Astreinten net als Aarbechtszäite rechnen, datt vill Betriber d'Reegel vläicht guer net richtig applizéieren. An dat bréngt da mat sech, datt den eenzelne Salaré herno bei enger eventueller Steuerkontroll a sengem Heemechtsland deen ass, dee muss erklären, firwat en eppes falsch deklaréiert huet, obwuel en et guer net besser wousst.

Dat ass de Problem, dee mer am Moment mat där Onkloerheet bei den Astreinten hunn. An dofir wäere mer frou, grad well Astreinten awer e beléiften Outil sinn an de Kommunikatiounsbetriber, ech denken un d'Informatik, awer och zum Beispill an der Santé – mir stëmmen nach e Gesetz iwwert d'Astreinten an der Santé –, datt een do awer misst Kloerheet schafen.

An dofir, Här President, hunn ech eng Motioun matbruecht, déi d'Regierung opfuerdert, fir bei deem spezielle Punkt nach eng Kéier nozebesseren an nach eng Kéier Verhandlung mat eisen Nopeschlänner ze féieren, fir eebe grad déi speziell Fro vun den Astreinté kloer ze reegelen. Wannechgelift.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– Am Prinzipp gëtt d'Astreinte net als Aarbechtszäit gezielt. D'Astreinte zeechent sech doduerch aus, dass d'e Salaré:e net op enger bestëmmter Plaz muss sinn, mee just muss zu all Moment erreechbar sinn, fir dass en, wann néideg, seng Aarbecht kann ophuelen. D'e Salaré:e ka sech also fräi deplacéieren a sengem Privatliwien an där Zäit nogoen.

– D'Duebelbesteuerungs- an Homeoffice-Accorden, déi Lëtzebuerg mat sengen Nopeschlänner getraff huet, gesi vir, dass d'Astreinten zur Aarbechtszäit am Wunnland zielen an dës deemmo vun den erlaabte 34 Deeg Homeoffice ofgerechent ginn;

– deemmo ka just d'Disponibilitéit fir ze schaffen déi Betreffen ee ganzen Dag Homeoffice kaschten.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– nei Verhandlung mat den Nopeschlänner ze féieren, mam Zil, dass d'Astreinten net méi an de Seuil vun de 34 Deeg falen.

(s.) Sven Clement.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, mir sinn eis bewosst, datt et keng einfach Aufgab ass, an, och wa mer elo erëm nei Verhandlung fir e spezifischen Deel maachen, datt dat sécherlech näischt ass, wat vun haut op muer geschitt.

Mir denken awer, datt et wichtig ass, der Regierung hei e kloert Mandat vum Parlament mat op de Wee ze ginn, well et sech hei ëm systemrelevant Secteur handelt. Mir kënnen net d'nächst Woch e Gesetz

stëmme, fir eng Base légale fir d'Astreinten an de Santéberuffer ze huelen, a gläichzäitig rechtlech Onkloerheeten hunn, wat d'Besteuerung vu genau deenen Astreinté bei de Frontalieren ugeet. Well mir däerfen net vergiessen – ech hunn et op alle Fall net vergiessen aus de Covidjoren –, dass mer ganz, ganz vill Leit aus deem Secteur iwwert der Grenz wunnen hunn an déi deementspriedend och dovunner beträff wäeren. An et wär desastréis, wann déi just kéinten op 34 Deeg Astreinte zrëckgräifen am Joer.

Ech soen Iech dofir Merci fir d'Nolauschteren an ech hoffen op e konstruktiven Austausch zu där Motioun. Villmools merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir si gewéinlech relativ skeptesch, wann et ëm fiskal Konventiounen geet, well dat oft och dozou benotzt gëtt, fir d'Steierlaascht erofzesetzen. An deem Fall ass et awer eendeitig méi interessant, well et awer och géint Abuse soll goen an och Richtlinie vun dem BEPS soll ëmsetzen an och géint Abuse vun den Immobiliefonge soll goen an do och d'Besteuerung eropsetzt.

An eisen Ae geet u sech an deem Fall deen Avenant an déi richteg Richtung an dofir wäerte mer en och matdroen. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Och merci fir deen Debat.

Dat hei ass e wichteg Projékt an dat ass net einfach en Avenant zu engem Duebelbesteuerungsofkommes, wat een dann einfach esou duerchwénkt. An et ass ugeklongen, dass et eng Zäitche gedauert huet, bis dass dat hei konnt zustane kommen. Déi éischt Diskussiounen ginn nach op 2012 – jo, 2012 – zrëck.

Ech wëll och e puer Prezisiounen ginn. Et ass richtig, dee wichtegste Punkt: Et si 50.000 – 50.000! – Frontalieren, déi vun dëser Konventioun concernéiert sinn. Also dat ass net näischt! Dir hutt also e gréisseren Impakt och op de Lëtzeburger Aarbechtsmarché.

Et geet awer doriwwer eraus, iwwert de sougenannten „Homeoffice“ oder wivill Deeg ech da kann a mengem Heemechtsland schaffen, ouni dass do e Besteuerungsrecht ufält. Et geet och ëm e Besteuerungsrecht am Fall vun Indemnitéiten bei enger Entloossung. Et geet ëm d'Besteuerungsrecht vu professionnelle Chaufferen oder Lokführer, déi jo dann hin- an hiefueren. An et gëtt och niewent dem steuerlechen Traitement vun de Pendler Prezisiounen um Niveau vun deene Leit, déi zum Beispill an Däitschland wunnen a beim Lëtzeburger Staat schaffen. Och där gëtt et der net manner.

Ech wëll eppes kloer soen, wann elo gesot gëtt, dee Seuil vu 34 Deeg sollt an d'Luucht gefouert ginn. Also, éischtersinn ech emol frou, dass mer elo bei deenen dräi Nopeschlänner, nämlech der Belsch, Frankräich an Däitschland, op deem selwechte Seuil vu 34 ukomm sinn. A bei Däitschland hu mer dee gréisste Sprong gemaach, well bei de Fransouse si mer ëm fénnef Deeg an d'Luucht gaangen a bei den Däitsche gi mer elo vun 19 op 34, also ëm ganzer 15 Deeg an d'Luucht!

Et ass och esou, dass net dat eent Land kann diktéieren: „Mir géifen elo gär bis dohinner kommen an dann hutt Der dat ze akzeptéieren!“ Neen! Eng Steuerkonventioun ass e bilaterale Accord. An déi Däitsch

schwätze jo bei deene 34 Deeg Toleranz vun enger „Bagatellgrenze“. An ech wëll dat wuelverstane hunn.

Firwat? Mee et ass esou: Wann en däitsche Resident op Lëtzebuerg schaffe geet, dann huet e jo am Prinzip d'Lëtzeburger Besteuerungsrecht op säi Salaire. Wann ech elo mat deene 34 Deeg an d'Luucht fueren, da verzicht eigentlech Däitschland méi op d'Besteuerungsrecht, well theoreetesch fir déi Aarbechtszäit, déi an Däitschland verbruecht gëtt, ab dem éischten Dag u sech déi Däitsch d'Besteuerungsrecht hätten.

Dann den zweete Punkt: Et kann een elo schonns op 50 Deeg eropgoen. Dat erlaabt déi Konventioun. Blouss ass et dann esou, dass ech da fir déi 50 Deeg net zu Lëtzebuerg, mee fir déi 50 Deeg an Däitschland besteiert ginn. Duerfir nach eng Kéier: Bagatellgrenze. Mee déi kann een net endlos eegemächtig einfach esou an d'Luucht féieren. Och dat muss ee mat bedenken.

Ech wëll och soen, dass dat heiten Duebelbesteuerungsofkommes zustane kënn, ouni dass et Kompensationszulunge gëtt vis-à-vis vun däitsche Gemengen. Och dat muss ee mat a Betruecht zéien.

An e lescht Argument géintiwier vun deenen, déi soen: „Dir musst elo nach an d'Luucht fueren, zum Beispill op déi 25 %.“ Déi 25 %, dat entsprécht 55 Aarbechtsdeeg. Wéi gesot, mir leie mat dëser Konventioun elo grad ewéi mat der Belsch a mat Frankräich op 34 Deeg. Duerfir wëll ech, bei allem Enthusiasmus – wat ech och kann novollzéien – drop hiweisen, wat fir eng aner Auswierkungen dat am Konkreete kann hunn. Et ass esou, dass d'Duebelbesteuerungsofkommes e bilaterale Ofkommes ass. Dat, wat um Niveau vun der Sécurité sociale, also bei de Sozialversécherungen, gemaach gëtt, dat ass eng europäesch Reglementéierung. Duerfir muss een dat, mengen ech, an deem globale Kontext kucken.

An da wëll ech nach eppes soen, dat ass: Och wann déi Nopeschlänner mat Lëtzebuerg opgrond vun enger Spezifisitéit vun dem Pendel vu Frontalieren natierlech eng aner Dimension hunn, ass dat jo net nëmme Lëtzebuerg, dat sinn och aner Nopeschlänner vun Däitschland, an ech kann novollzéien, dass dat fir déi däitsch Autoritéiten, fir déi däitsch Regierung, och an deem Kontext muss beliicht ginn. Duerfir, jo, wann et sollt bilateral – well et geet nëmme bilateral – zu enger Erhéijung vun där sougenannter „Bagatellgrenze“ oder dem Seuil de tolérance vu 34 Deeg kommen, ass d'Regierung selbstverständlech bereet. Ech wëll awer just nuancéieren, dass mir dat net kënnen eleng an eegemächtig maachen, mee dass dat och mat Zoustëmmung vun den däitschen Autoritéiten an deem Fall muss geschéien.

Fir de Rescht, géif ech soen, ass dat hei e gudden Accord, deen am Sënn ass vun eisem Aarbechtsmarché, deen den Aarbechtsmarché och weiderhi férdert a sécherstellt, dass mat deene 34 Deeg weiderhin déi Betriebsstätten, déi zu Lëtzebuerg sinn, net a Fro gestallt sinn. Well wat heescht et, wann e Salarié während 50 a méi Deeg eleng vun Däitschland aus schafft? Da kéint dat ugesi gi vun den däitschen Autoritéiten, wéi wann dat eng Betriebsstätte wär an dass mer dann net nëmme d'Besteuerungsrecht um Niveau vum Salarié senge Salarié géife verléieren, mee och nach dat vun der Betriebsstätte, déi kéint zu Lëtzebuerg abhande kommen.

Ech wollt dat eng Kéier gesot hunn, dass déi Decisioun vun deene 34 Deeg – a kuckt, dass Der nach weidergitt! – vill Facetten huet an dass een déi och muss am Kapp hunn, ier een hei weider Schrëtt ënnerhëlt, déi, wéi gesot, an engem bilaterale Kontext wäerte musse geschéien.

Ech kann Iech op jidde Fall soen – an dat steet an dem Regierungsprogramm –, dass Lëtzebuerg éischters d'Netz vun den Duebelbesteuerungsofkommes weltwäit wëllt ausbauen, an zweetens wëll ech och kloer soen, dass, wa sech weider Opportunitéiten géife ginn am Interessi vun eisem Land, am Interessi vum Aarbechtsmaart bei eis am Land, am Interessi vun deene 50.000 Frontalieren, d'Lëtzeburger Regierung selbstverständlech dofir op ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci och dem Finanzminister. Domat wär d'Diskussioun dann ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8311. Den Text steet am Document parlementaire 8311⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8311 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Mir kommen elo zu dem Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme an dann natierlech keng Nee-Stëmm a keng Abstention. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

An dann hunn ech hei op mengem Pult nach eng Motioun leie vun de Piraten. Här Clement, Dir hutt se schonn erkläert, wëllt Der nach e Wuert dozou soen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Wie wëllt zu der Motioun vum Här Clement Stellung huelen? Den Här Spautz.

M. Marc Spautz (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Och merci dem Här Clement. Déi Motioun, dat klängt ganz sympathesch fir ze soen: Mir müssen do nach an d'Luucht fueren. Mee mir sinn eis allegeruete bewosst, dass mer an deenen nächsten dräi Méint keen Accord fannen, weeder mat Däitschland nach mat Frankräich nach mat der Belsch – innerhalb vun dräi Méint en Accord –, fir vu 34 an d'Luucht ze

fueren. An dofir, mengen ech, ass zu dësem Zäitpunkt déi Motioun do verfréit, an ech proposéieren eise Kollegeen, déi Motioun ofzeleenen, well et ass superfetatoire de Moment, fir dat elo schonn an dës Richting ze maachen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Hunn ech nach eng Wuertmeldung? Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo. Also bon, déi Motioun ... Ech soen, mir hunn dat effektiv elo net recherchéiert, an do schéngt jo effektiv e gewëssene Flou juridique ze herrschen. Dir sot och: „Am Prinzip gëtt d'As-treinte net als Aarbechtszäit gezielt.“ Et muss een effektiv eng gewëssen Disponibilitéit hunn. Et ass ee jo „de garde“, dat heescht, et schafft een a priori net. Dat heescht, effektiv géif et Sënn maachen, déi Deeg auszuschléissen. Bon, muss een dee ganzen Dag am Homeoffice sinn? Ech weess et net. Do stelle sech eng Rei juristesche Froen, déi een, mengen ech, awer sollt préiwien, well ech mengen, et ass awer effektiv eng justifiéiert Fro.

An dofir wärend mir am Fong der Meenung, dass een déi Motioun hei eng Kéier kéint an der Kommissioun diskutéieren, och mat de Beamten, fir ze kucken, wéi effektiv d'Rechtslag ass a wéi ee mat där Situatioun hei wëllt ëmgoen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, also de Grondgedanke gefält eis och, fir ze soen, dass eng Astreinte, wou ee souwisou net heihinner komm wär, net géif an déi 34 Deeg kontabiliséiert ginn. Mir wëssen natierlech awer och, dass et net evident ass, fir dat elo einfach nozeverhandelen, well soss kéint ee jo och nach ganz aner Saachen hei fuerderen, notament och d'Zuel vun den Deeg an d'Luucht setzen. An et stelle sech och eng Rei technesch Froen, soudass mir eigentlech och léiwer hätten, dat doten nach eng Kéier a Rou ze diskutéieren. Well mir hunn elo jo schonn héieren, wéi dat mat dem Verweisen an d'Kommissioun geet. Ech hoffen, dass d'DP dann dës Kéier och gekläert huet mam Koalitionspartner, wéi een domadder ëmgeet.

(Hilarité)

M. Gilles Baum (DP) | Et ass gutt, dass dat do elo an der éischter Sëtzung ass, well fir de Rescht vun der Legislaturperiod ...

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Très bien, Här Baum. Notéiert, notéiert.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Op alle Fall, bon, mir hätten natierlech léiwer, mir kéinten dat do eng Kéier diskutéieren. Mee egal, wat elo mat der Motioun geschitt, froe mer dann, dass mer déi Fro awer kënnen eng Kéier an der Kommissioun thematiséieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, mir mengen och, dass een déi heite Motioun awer misst an der Kommissioun diskutéieren. Et wier schued, déi einfach esou net unzuhuelen, well d'Frostellung ass awer ganz berechtigt.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Den Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, ganz kuerz. Merci, Här President. Ech wëll mech deem och uschléissen. An ech mengen, et wier och wichteg, wa mer eng Kéier kéinten an aller Rou an der Kommissioun doriwuer diskutéieren. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Den Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Jo, et kéint een och an der Kommissioun drüwer diskutéieren. Mee u sech, wat gefuerdert gëtt an der Motioun, ass jo, dass nei Verhandlungen sollen ugefaange gi mam Zil ... Dat heescht net, dass déi an dräi Méint missten ofgeschloss sinn, Här Spautz. Esou naiv sinn ech net, dass, nodeem mer eelef Joer gebraucht hunn, fir deen heiten Accord ze fannen, ech géif mengen, dass dat no dräi Méint ofgeschloss wär.

Ech mengen, et wär scho gutt, wann déi Motioun hei zumindest zum Nodenken ugereegt hätt, fir déi Fro eng Kéier ze klären, wéi mat den Astreintë vun eise Frontalieren an deenen dräi verschiddenen Nopeschlänner fiskalrechtlech ëmgaange gëtt. Well wann d'Steierverwaltung vum zwee Länner op eng Fro vum engem Journalist net kënnen äntwerten oder net wëllen äntwerten, dann ass do méi wéi nëmmen e Flou juridique. An deemspriechend kënnt Der Tech ... Mir stëmmen dat elo of, d'Majoritéit refuséiert et. Da kënnt de Bréif, dass mer dat an enger Kommissioun dann eng Kéier diskutéieren. Dann diskutéiere mer et eng Kéier an enger Kommissioun. Mee et wär awer gutt, dass mer entre-temps awer eng rechtlech Kloestellung hätten, wéi domadder ëmzegoen ass. Well dat ass dat, wat mir awer haut am meeschte Suerge mécht, dass mer do Leit hunn, déi am gudden Glawen hir Astreinten unhuelen, hir Astreinten dann och disponibel bleiwen a wann dann an dräi, véier, fënnef Joer eng Kéier eng Steuerkontroll kënnt an hirem Residenzland, se déi sinn, déi da gesot kréien: „Dir waart am Feeler, well Der et falsch gemaach hutt.“ Dat géif ech ganz schued fannen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Doropshin huet de Finanzminister nach d'Wuert gefrot. Här Finanzminister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Ech mengen, och dës Regierung brauch keng Motioun fir ze wëssen, wéi se soll regéieren. Ech soen hei am Kloertext ...

(Interruptions)

Ech soen hei am Kloertext dat hei, dass d'Regierung sech engagéiert. Wat ech virdru gesot hunn: Mir engagéieren eis, fir déi néideg Klarifikatiounen ze bréngen. Dat ass dat Éischt. An dat Zweet, ech soe ganz kloer och: Mir kënnen net, nodeems dat hei elo ofgestëmmt ass, erëm eng Kéier nei Negociatiounen ufänken. An do ass dat, wat den Här Spautz gesot huet, vollkommene richteg.

Nach eng Kéier: d'Engagement, wann den Här Clement do kéint dermat d'accord sinn, fir déi néideg Klarifikatiounen an der Chamberskommissioun ze bréngen. An Noutfalls, soen ech, bleift jo nach ëmmer d'Méiglechkeet um Niveau vun de Steiersaachen, dass et eng Circulaire gëtt, déi déi doten Explikatiounen gëtt, esou wéi dat sollt sinn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister.

Esou wéi den Här Clement et gefrot huet, stëmme mer elo iwwert dës Motioun of.

Vote sur la motion 1

An de Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

Et si 5 Jo-Stëmmen, 35 Nee-Stëmmen an 19 Absten-tiounen. Domat ass dës Motioun mat 35 Nee-Stëm-men ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel.

Se sont abstenus : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferdig, Liz Braz, Francine Closenier, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferdig) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

11. Heure d'actualité de la sensibilité déi gréng au sujet de la conférence sur les changements climatiques à Dubaï – COP28

Da komme mer zum nächste Punkt. D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'COP28 zu Dubai, déi déi politesch Sensibilitéit vun déi gréng ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chambersreglement festgehalen. Den Auteur vun der Aktualitéitsstonn huet 10 Minutten, all Fraktiounen respektiv Sensibilitéiten hunn duerno 5 Minutten an d'Regierung huet 15 Minutte fir ze äntweren. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Luc Emering, den Här Franz Fayot an den Här Ben Polidori. Ech ginn dovunner aus, dass nach deen een oder deen aneren derbäikënn. D'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Joëlle Welfring als Vertrieederin vun där politesch Sensibilitéit vun déi gréng.

Exposé

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegeen, säit bal 30 Joer kuckt d'Welt all Joer während e puer Deeg op en Evenement, zu deem sech, wéi et schéngt, ëmmer méi Leit treffen. Jo, et ginn hei bal alljoers Rekorder gebrach op en Neits, wat d'Zuel vun de Participanten ugeet, dës fir am Kader vun der Weltklimakonvention e gemeinsame Wee aus der Klimakris ze verhandelen.

Déi eng waarde gespaant oder éischter verzweifelt op konkret Schrëtt an Engagementer, iwwert déi sech déi politesch Responsabel eens solle ginn, fir eis Emissiounen an de Grëff ze kréien. An déi aner hunn et opginn a gesinn dat Ganzt als eng Aart Farce un, dat virun allem als Bün fir Politiker, Lobbyisten a Schaulusteger dëngt, an dat och nach an engem Land, dat selwer Pétrol exportéiert, mat engem President, dee selwer am Handel mam Pétrol involvéiert ass.

Ech hat d'lescht Joer d'Geleëenheet, fir selwer derbäi ze sinn. An och d'lescht Joer hu mer eis duerno hei op dës Plaz gesinn, fir am Kader vun enger